



**Här Fernand Etgen**  
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, den 11. Juli 2023

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden.

Déi national Vereenegung vun de Chargéen (Association des chargés de l'enseignement national a.s.b.l. – ACEN) huet dëser Deeg op d'Aarbechskonditioune vun hire Memberen higewisen. Dobäi gouf ënner anerem Kritik un de Modalitéite vun der Méiglechkeet vun der Fonctionarisatioun ausgedréckt.

An deem Kontext wéilt ech folgend Froen un Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend riichten:

- Wat geschitt am Kader vun der Fonctionarisatioun mat deene Chargéen, déi den „Examens-concours en vue de l'admission au stage d'enseignant“ inklusiv Legislatiouns-Examen zwar gepackt, sech awer net „en rang utile“ klasséiert haten? Kréie si de bestanene Concours unerkannt?
  - Wa jo, a wéi enger Form gëtt de bestanene Concours unerkannt?
  - Wann net, firwat net?
- Wat geschitt am Kader vun der Fonctionarisatioun mat deene Chargéen, déi virun hirem Wiessel an den Enseignement an engem aneren Domaine an der Fonction publique geschafft hunn? Kréie si deen Deel vun hirer berufflecher Karriär unerkannt?
  - Wa jo, a wéi enger Form?
  - Wann net, firwat net?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen  
Co-Fraktiounspresidentin



**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro  
Nr. 8142 vun der honorabeler Deputéierte Martine Hansen**

Et sief fir d'alleréischt ervirzehiewen, datt et zwee Cas-de-figurë ginn, déi net solle matenee vermëscht ginn: engersäits den *Examen-concours en vue de l'admission au stage d'enseignant* an anersäits den *Examen de fin de stage*.

**Ad 1)**

Vu datt et sech beim *Examen-concours en vue de l'admission au stage d'enseignant* ëm e Concours handelt, bei deem all Sessioun eng Clôture huet, muss eng Persoun, ob Chargé d'enseignement/Chargé de cours oder net, déi sech net "en rang utile" klasséiert huet an Enseignant-fonctionnaire wëll ginn, sech dem Concours op en Neits stellen. Et sief bemierkt, datt dee Concours kee Legislatiounsexame virgesäit.

En vue vun der Fonctionnarisatioun stellen d'Kandidaten sech dem *Examen de fin de stage* an net dem uewe genannte Concours. Et handelt sech dobäi ëm een anere Genre vun Epreuven; demno kënnen d'Resultater vun Epreuvë vum Concours och net am Kader vun der Fonctionnarisatioun unerkannt ginn. An deem Sënn gesäit dat modifizéiert Gesetz vum 30. Juli 2015 (*loi modifiée du 30 juillet portant création d'un Institut de formation de l'éducation nationale*), wat d'Fonctionnarisatioun fir d'Agenten aus dem Sous-groupe Enseignement reegelt, och keng Dispens fir de Legislatiounsexame vir.

**Ad 2)**

Chargéen, déi sech der Fonctionnarisatiounsprozedur stellen, mussen ënnert anerem 15 Joer Déngscht als Employé de l'État virweise kënnen, sou wéi de Statut vum Fonctionnaire et a sengem Artikel 80 virgesäit. Hei gi souwuel Contrats à durée déterminée (CDD) wéi och Contrats à durée indéterminée (CDI), onofhängeg vum Sous-groupe oder dem Domaine, mat consideréiert, soulaang et keng Ënnerbriechung tëscht den eenzelne Kontrakter gëtt.

D'Astufung vum fonctionnariséierten Employé a puncto Carrière gëtt vum Artikel 80 vum modifizéierte Gesetz vum 16. Abrëll 1979 (*loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État*) gereegelt.

Lëtzebuerg, den 29. August 2023

De Minister fir Educatioun,  
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH